**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n° 3513 vum Deputéierte Fred Keup iwwert eng virtuell Konferenz déi vun der Associatioun Lëtz rise up organiséiert ginn ass.**

D'Associatioun Lëtz rise up huet eng virtuell Konferenz iwwert Rassismus zu Lëtzebuerg organiséiert an huet decidéiert dofir de Konzept vun der "non-mixité racisée" ze gebrauchen.

Dëst ass eng Approche déi geholl ka ginn, fir de Leit a spezifesche Situatiounen eng Geleeënheet ze ginn sech auszedrécken an engem Ëmfeld wou si sech aus verschidde Grënn méi fräi fille fir ze schwätzen. Dës Approche gëtt och am Beräich vu Kanner a Jonken oder bei Gender-Froe reegelméisseg gebraucht fir och do de Leit méi Sécherheet ze gi fir sech auszedrécken. De Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun organiséiert zum Beispill, am Kader vun der Consultatioun zum neien Integratiounsgesetz, eng Diskussiounsronn exklusiv mat Jonken aus alle Beräicher fir hier Meenung zu Integratiounsfroen ze héieren.

Et geet also hei net em Diskriminatioun vu Mënschen, mais em eng spezifesch Diskussiounsmethodik an der Sozialaarbecht.

Natierlech kann dës Approche net déi eenzeg sinn, mais si muss komplementar zu aneren Approche si bei deenen Diskussioune mat heterogene Gruppe geféiert ginn. Et ass wichteg a ganzt Bild vun enger Situatioun ze kréien an dofir ass et och wichteg hei eng Diversitéit ze hunn fir d'Demarche ze stäerken.

Natierlech ass et an der Responsabilitéit vun der Vereenegung Lëtz rise up fir sécher ze stellen datt d'Resultater vun dësen Diskussiounen och konstruktiv kënnen an de méi generellen Debat mat agebonne ginn.